N° 7632
Entrée le 21.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Sozialer Sécherheet an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4008 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup vum 30. Juni 2021 schreift d'Madamm Minister: *"Fir all d'Beruffer aus dem Gesondheetssecteur, déi ënnert d'Kompetenz vum Gesondheetsministère falen, gesinn déi jeeweileg Gesetzer vir, dass déi concernéiert Lëtzebuergesch verstoe mussen".*

Elo ass et awer esou, dass dës Gesetzer oft net agehale ginn an datt déi jeeweileg Persounen net déi dräi administrativ Sprooche vum Land, bzw. op d'mannst zwou vun dësen administrative Sproochen, verstinn. Dat betrëfft och, sou kënnt eis reegelméisseg zu Oueren, Kontrolldoktere vum Contrôle médical (Santé a Sécurité sociale). Hei steet fir déi betraffe Patiente bzw. Salariéen oft vill um Spill, well d'Diagnos vum Contrôle médical iwwer de weidere Verlaf vun hirer Karriär entscheede kann.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister an un d'Madamm Minister:

1) Wéi eng Moossname gi geholl, oder wäerten an Zukunft vun der Regierung geholl ginn, fir datt d'Kontrolldoktere vum Contrôle médical sech mat de Salariéen, deenen hir beruflech Zukunft vun hinnen ofhänkt, op d'mannst an zwou vun den dräi Verwaltungssprooche vum Land ënnerhale kënnen? Ass d'Regierung gewëllt, eng Informatiounscampagne ze starten, fir d'Kontrolldokteren iwwer d'Noutwennegkeet vun enger sproochlech problemloser Kommunikatioun mat de betraffene Salariéen opzeklären?
2) Goufen et an deene leschte fënnef Joer Reklamatioune vu Salariéen, déi sech net mat hirem Kontrolldokter verstännege konnten? Wa jo, wéi vill?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten